

Henri Losch &
Sabrina Kaufmann

3 clever Butzen







Dräi clever Butzen, sou hunn déi Léierinnen a Schoulmeeschteren, déi se an hirer Klass haten, ëmmer genannt.

An dat war och richtig sou, si hunn alles séier verstanen a verhale wat se gesot kruten, a si wollten dacks nach méi gewuer ginn. Ëmmer hunn se de Fanger ausgestreckt fir eppes ze soen oder ze froen.

Jo, dat waren d'Maria, d'Myriam an de Marco. «Déi dräi M», wéi se nach genannt goufen.

D'Maria vun Holzem, d'Myriam vun der Cap an de Marco vu Mamer. Dräi grondverschiddener, mee déi gutt zesumme gepasst an och zesummegehalen hu wéi Pech, och wann se sech heiansdo zerklappt hunn. Dat heescht si hu méi matenee gerolzt wéi richtig gestriden.

D'Maria hat kuelschwaarz Hoer, an e liicht brongen Teint. Kee Wonner! Säi Grousspapp an seng Groussmamm waren aus Portugal hier op Lëtzebuerg wunne komm. An sou kann ee verstoen, datt dat klenkt Maria, nieft dem Lëtzebuergesch, och nach perfekt Portugisesch schwätze konnt.

Dann d'Myriam mat senge laange blonden Hoer. Schwätzen deet et wéi ee Waasserfall a Franséisch konnt et och schonn, well seng Mamm war aus Frankräich. Säi Papp huet op engem Büro an der Stad geschafft a säi Grousspapp, deen nach bei hinne gewunnt

huet, war elo pensionéiert. Dee wousst bal alles an huet dem Myriam stonnelaang erzielt, Mäercher, Richteger an Erfonnter, a Geschichte vu fréier an haut, déi zu Capellen, zu Holzem, zu Mamer an och soss wou am Land geschitt sinn.

An de Marco! Jo dat war dee Gréisste vun deenen dräi. E war nawell gutt am Sport, besonnesch am Futtball. «Staark wéi den Hulk sinn ech», huet en ëmmer gesot, an dann huet e seng Muskele gewisen. Säi Papp huet op der Gemeng geschafft, an deen huet säi Bouf iwwerall hi matgehol. Kee Wonner, datt dee Kärel Mamer, awer och déi zwee aner Dierfer, Holzem a Capellen, gutt kannt huet. En huet sech gär domatter gebretzt, a gouf duerfir dacks de Bretzert genannt. En Opschneider hätt een och nach kënne soen, well en huet deenen anere Kanner heiansdo Geschichten erzielt, déi fatzeg iwwerdriwwen an nach laang net ëmmer wouer waren.





Deen Nomëtteg waren déi dräi beim Maria doheem. Hatt hat Gebuertsdag, an dat huet misse gefeiert ginn. Dem Maria seng Mamm hat e grouss Kuch gebak, mat siwe Käerzen drop. D'Gebuertsdayskand hat déi mat engem Coup ausgebloose kritt, an dunn hunn déi dräi sech et gutt schmaache gelooss. Et goufen nach aner Schneekereien, an allerhand ze drénken, an iwwerdeems hunn se gelaacht, gegeckst a vill geschwat, mateneen, an duercherneen.

Wou se sech ni eens gi sinn, datt war, wann se vun hiren Dierfer geschwat hunn. Do huet jidderee behaupt, säint wier dat Schéinst.

«Mäint ass net nëmmen dat Schéinst, mee och nach dat Gréisst», huet de Marco sech gebretzt. «Ech versti just net firwat et Kanton Capellen, an net Kanton Mamer heescht», huet en sech geiergert.

«Dat weess ech gutt», huet d'Myriam en ënnerbrach. «Mäi Bopa huet mir dat erzielt. Wéi se viru laanger Zäit eist Land a Kantonen agedeelt hunn, hunn déi vu Mamer an déi vu Käerch matenee gestriden. Jidderee wollt Hauptstadt ginn, a fir deem Sträit een Enn ze maachen, hunn se dat Duerf just an der Mëtt erausgesicht; Cap-Capellen. Dat war awer butzeg kleng a Büroen waren och keng do. Duerfir gouf vill gebaut. Déi Riichter, Affekoten an Direkteren, déi dunn do hu misse schaffen, hunn sech Villae baue gelooss. Bal wéi Schlässer sou schéin. An duerfir ass Capellen dat schéinst. Kuckt mol bei de roude Luuchten déi grouss orange Villa, da gitt der mer Recht.



«Kanton Mamer wier awer vill méi schéin», huet de Marco fonnt.

«A firwat dann net Kanton Holzem?», huet d'Maria fonnt. Ech gi mol mat iech dorëmmer kucken. Do wäert der grouss Ae maachen. Néierens gëtt et sou schéin al Haiser, an et gëtt souguer e richtegt Schloss.»

«Dat géife mer awer mol gär gesinn», hunn déi zwee aner et ausgelacht.

«Abee, da kommt mol mat.» Et ass duerch hire Gaart gereest, déi zwee aner hannendrun, bis an d'Wiss bei d'Baach. Do ass et stoe bliwwen. «Sou», sot et, «hei ass d'Schlass!»

«Hues du se nach all? Wou ass dann hei e Schloss. Eng naass Wiss mat vill Bulli, soss näischt. Wëlls du de Geck mat eis maachen?»



«Neen, neen, et ass do, mee dir kënnt et net gesinn, et ass hei am Bulli versonk. Dat war eng Strof. Hei huet e räichen, mee béise Mann gewunnt, deen d'Leit all gefaart hunn. En huet deenen aneren hir Haiser verbrenne gelooss, huet hinnen alles gestuel, an huet seng Hënn op se gejot. Kee konnt hinnen hëllefen. Wat maachen?



Dernieft hat dee Béisen en Zoo mat allerhand Déieren, souguer mat engem Eenhar.

Een Dag, wéi dee schlëmme Mann op senger Dier stoung, hunn e puer couragéiert Männer d'Dier vum Zoo opgespaart, a well dee Béisen och d'Déiere gepéngt huet, ass säi grousst Eenhar op en duergerannt. Hien huet sech an seng Kapell agespaart an d'Eenhar ass op d'Dier zougerannt. Et huet eng Kéier geknupppt, an dat Déier ass mat sengem Har an der hëlzener Dier stieche bliwwen. Dee Béise koum net méi eraus. A lues a lues ass dunn d'Schlass mat him am Bulli versonk.

Wa mer hei géife gruewen, kéinte mer et bestëmmt erëmfannen.»

«Gutt, dat Schlass kann een net gesinn», sot d'Maria nach, «mee dohannen déi grouss Fabrëck, déi kann ee gesinn, an do ginn déi kleng Kugele fir a mäi Bic gemaach. Gelt do kuckt der grouss!»

Do huet de Marco et ënnerbrach: «Du spënns, déi Fabrick steet zu Mamer, an net zu Holzem, an do ginn nach vill aner Saache gemaach, wéi nëmmen déi butzeg Kigelcher aus dengem Bic.»

Dee Moment huet een Auto virun der Dier getut. Et war dem Marco säi Papp, mam Auto vun der Gemeng.

«Klammt eran!», huet en zu de Kanner gesot, wéi se erbäi gelaf koumen.

«Lo maache mer e schéinen Tour, e Cadeau fir dem Maria säi Gebuertsdag. Ech hu mam Buergermeeschter geschwat, ech hunn op e puer Plazen ze schaffen, an dir kënnt mat mir fueren.»



A fort giong et, laanscht dat neit Pompjeesgebai op Kielen zou. Ënnerwee ass en ee Moment stoe bliwwen an huet op en décke Fiels gewisen.

«Dat ass de Kazefiels!»

«Ech weess dat och», sot de Marco, «do wunne Wiichtelcher, an nuets brennt do e grousst Feier. Déi kleng Männer maache Gold. Viru laanger Zäit haten se engem aarme Mann es ginn, an ech kréien es och eng Kéier.»

«Da gött awer mat eis gedeelt!», huet d'Myriam gestëppelt.

«An ech kréien och eppes dervun», huet dem Marco säi Papp gelaacht, «scho leng well ech iech bei de Mäerchenhues féieren.»



E Stéck virun den éischten Haiser vu Kielen ass en erop op de Plateau vum Juckelsbësch gefuer. Um Parking huet en d'Kanner erausgelooss. Hien huet d'Spadséierweeër misse kontrolléiere goen.

De Marco huet déi zwee Meedercher eran an de Bësch geféiert. Op den Zéiwespëtzen ass e gaangen, an en huet de Fanger op d'Lëpse geluecht. Keen huet dierfe Kaméidi maachen.

«Pschtt! Ganz roueg, soss kréie mer en net ze gesinn! Hei wunnt ee ganz extraen Hues. Viru laanger Zäit war de Mëller aus dem Mamerdall mat sengem Koseng a sengen Hënn sonndes mueres hei op der Juegd. Op eemol koum hinnen en Hues entgéint. De Koseng leet un, schéisst, mee d'Kugele konnten dem Hues näischt undoen. Deen ass souguer stoe bliwwen, an huet de Jeeër mat groussen An ugekuckt. Wéi d'Hënn du wéi geckeg gebillt hunn, ass den Hues e Moment verschwonnen, koum awer gläich drop zrëck an huet souguer un der Kartusch geroch, déi de Koseng op de Buedem gehäit hat, nodeems e geschoss hat. Dunn huet de Mëller probéiert, den Hues z'erschéissen. Deen ass awer ganz gemittlech hannert engem Strauch verschwonnen. De Mëller geet em no, luusst hannert dee Strauch, an do steet eng schéi Fra, de Kapp traureg gebéckt, an d'Hänn iwwert der Broscht gekräizt. De Mëller wollt mat hir schwätzen, mee si huet net geäntwert. Do hunn déi zwéi Jeeër sech zrëckgezunn, a si sonndes ni méi op d'Juegd gaangen.»

Dee Moment ass e Schiet duerch de Bësch laanscht gelaf.

«Do ass en! Do ass en!», huet de Marco geruff. Et war awer keen Hues. Neen enger Fra hiren Hond. Dee war hir fortgelaf.



«Allez, hepp! Klammt eran!» sot dem Marco säi Papp, wéi en erëmkoum. «Lo fuere mer bei d'Lycéeën.»

Fir de Kanner eng Freed ze maachen ass en net direkt dohinner gefuer, neen fir d'éischt bis erop bei d'Belle Etoile. Do ass e ronderëm de Rondpoint gedréint an du gOUNG et zréck, iwwert déi blo Bréck. Doriwwer war nach ni eent vun deenen dräi gefuer. Just derhannert huet en d'Kanner gedoen erausklammen an ass bei déi nei Gare gefuer, do hat en eppes ze schaffen.

Knapps war e fort, do huet de Marco sech op de Wee geluecht, d'Ouer um Makadam. «Roueg! Lues! Kee Kaméidi! Gutt esou! Lo héieren ech se!»



«Héiers de d'Männercher?», huet d'Myriam gelaacht.

«Nee déi réimesch Zaldoten, d'Legionären, déi hei op der Réimerstrooss marschéieren.»

«Wat erziels du Dommheeten!», huet d'Myriam gesot. «An der Rei, hei drënner ass nach déi Strooss, déi d'Réimer gebaut haten, an do vir war e grousst Réimerduerf, dat wëssen d'Maria an ech och, mee déi Legionäre marschéieren nëmmen an dengem Kapp!»

«Wann der mer näischt gleeft, da kommt mat, da wäert der mol eppes ze héiere kréien.»

En ass ënnert déi blo Bréck gelaf, d'Meedercher hannendrun.

«Hoho! Sidd der do? Hoho! Sidd der do? Hoho! Sidd der do?», huet e geruff.

An! O Wonner! : «Ooo, ooo, ooo!» huet et erëmgeschalt.

«Dat sinn Hexen, d'Hexe vum Tossebiërg», huet e behaapt.

«Déi Geschicht kennen ech och», huet d'Myriam gelaacht, «mäi Bopa huet mer se verzielt. De Paschtouer vu Mamer ass eng Kéier an der Nuecht aus der Stad den Tossebiërg hei erof komm. Do huet en Danzmusek héieren, ëmmer méi no, an op eemol huet eng Stëmm geruff: 'A wat maacht Dir dann hei, wat geet Iech un, fir eis ze stéieren?' 'Ech wëll iech net stéieren, mee kann ech net och an ärer lëschtger Gesellschaft matmaachen', huet de Paschtouer geäntwert. Do huet eng onsiichtbar Hand him e Buch gereecht. Hie sollt säin Numm dra schreiwen, da wier alles an der Rei. De Paschtouer huet awer net säin Numm dra geschriwwen, mee den Numm vum Jesus. Mat engem Coup war alles mucksmaischestëll. De Paschtouer ass heem gereest, huet d'Buch opgeschloen, a wat meng der, wat e gesinn huet? Vill Nimm vu Mamer, Holzem a Capellen, Leit déi dem Däiwel hir Séil verschriwwen haten. Däiwelen an Hexen, déi all Owes hei um Tossebiërg zesummekoumen fir ze danzen.»



«Hutt der är Schwammbox matbruecht? Well elo gi mer an d'Schwämm!», huet dem Marco säi Papp geheckst, wéi en déi dräi erëm opgelueden huet. Mee ënne bei der Areler Strooss ass en net bei de Lycée erop gefuer, mee riichtaus.



«Ech weess wuer mer fueren!», huet d'Maria gelaacht, «dat ass awer keng Schwämm. Dat sinn Thermen, wou d'Réimer sech gebuet hunn. Ech weess et, mäi Papp warschonn eng Kéier mat mir duer kucke gaangen. Do brauche mer keng Schwammbox, et sinn nëmme méi Maueren ze gesinn. «

Hatt hat Recht. Si sinn eng Weil ronderëm an iwwert déi Mauere gelaf, wou virun zweedausend Joer, Réimer a kalem a waarmem Waasser sech gewäsch, an eppes fir hir Gesondheet gemaach hunn.

An do goug et bei d'Gemeng. Dem Marco säi Papp huet eng Zäitchen op de Büro misse goen. En huet sengem Jong fofzég Euro ginn, a sot, si sollen an de Park lafen, e bëssen do spillen an op der Terrasse vum Chalet eng Limonad drénken. Hie kéim se sichen, wann e fäerdeg wier.

Dat war hires. Wéi de Blätz sinn se dorower gelaf, an du konnt et lassgoen. Op der Tyrolienne, deem Kabel mat deem een duerch d'Luucht konnt fléien, op deenen neien Trainingsmaschinnen, an op de Spiller. Besonnesch op der Rutschbunn sinn se op d'mannst fofzeg mol erofgerutscht, an dobäi hunn se gekickelt a gelaacht, bis si es op eemol genuch haten. Si waren duuschtereg ginn a sinn op d'Terrasse vum Chalet gelaf, hunn sech wéi grouss Leit bei en Dësch gesat an hunn sech eng Cola bestallt. Laang roueg setze konnten se net. Knapps haten se hirt Glas eidel gedronk, do ass de Marco opgesprongen an ass zréck bei d'Gemeng gelaf. Déi zwee aner hannendrun.





Beim Monument mat deenen zwéi Sportler huet de Marco sech dernieft gestallt, an huet ee Selfie gemaach.

«Dee mam Vëlo ass mengem Papp säi Koseng, an deen aneren ass säi Brudder», huet e behaapt.

«Dabo, huet d'Myriam gelaacht. Wann dat dengem Papp säi Koseng a säi Brudder wieren, da wier däi Papp scho laang dout.»

«Jo, dee mam Vëlo ass den Nicolas Frantz, e Coureur», huet d'Maria en erëmgeholl.
«Deen hat vill Course gewonnen an zweemol war en den éischten am Tour de France.



Säin Haus steet bei de roude Luuchten op der Areler Strooss, wou et erof an d'Duerf geet. Säin Numm steet jo grouss un der Mauer geschriwwen. An déi Sportshal, wouhinner äis de Bus scho gefouert huet, fir ze spillen, huet jo och säin Numm. Bääh! Eis kriss de net sou séier ugeschmiert.»

«Jo, billt der dat nëmmen net an. Deen do sëtzt ass och net dengem Papp säi Brudder, dat ass de Josy Barthel», huet d'Myriam e verbessert.

«Nach e Jong vu Mamer, genee wéi den Nic Frantz. De Josy Barthel ass deen eenzege Lëtzebuerger, dee bis elo eng gëlle Medail an den olympesche Spiller kritt huet. Hien hält se jo an der Hand. A mat där anerer reecht en dem Coureur Waasser. Hie war Minister ginn, a virdru war e Chef op engem Büro, déi geschafft hunn, datt eis Baache rëm méi propper ginn. Aus där Schossel an der Hand kënnt heiansdo Waasser gelaf. Well et awer dacks vum Wand fort geblose gëtt hunn se de Krunn dervun zougspaart.»



«An de Lycée Josy Barthel an déi nei Gare, d’Gare Josy Barthel, hunn déi vläicht eppes mat dengem Monni ze dinne?», huet d’Maria gestëppelt.

Do huet de Marco déi zwee Meedercher mam Waasser aus dem Becke ronderëm d’Sprangbure sou gesprëtzt, dat se plätschnaass goufen an en ass séier fortgelaf, erop bis op d’Plaz virun der Kierch.

An do huet e behaapt: «Kuckt do sëtzt mäi Bopa. Deen huet vill Bicher geschriwwen, a wa kee Waasser hei virdrun am Basseng ass, da klammen ech em op de Schouss, an da liest hie mir Geschichten aus sengem Buch vir, dat en an der Hand hält.»

«Dabo! Dat géifs du jo dach net verstoen. Et ass Latäin, déi Sprooch, déi d’Réimer geschwat hunn. Däi Grousspapp! Geet et mat dir? Heeschs du vläicht Mameranus?», huet d’Maria e verbessert.


«Dat war ee ganz gescheite Jong hei vu Mamer, dee viru fënnefhonnert Joer gelieft huet a mam Keiser vun deemools

duerch d’ganz Welt gereest ass an alles opgeschriwwen huet, wat e gesinn an héieren hat. Nikolaus Wagner huet e geheescht, mee well en sou dichteg war an och houfreg op säin Duerf, huet en säin Numm dierfen änneren. Sou hunn se hien de Mameranus genannt.»

«Egal wéi», huet de Marco gelaacht. «Lo klammen ech bei en op de Schouss, an da wäert der gesinn.

«An d’Waasser am Basseng ...!», wollt Myriam nach soen, du war et schonn ze spéit.

De Marco ass ausgerutscht an ass de laange Wee an de Baseng getrollt a kum net méi op.



«Mäi Been, mäi Been! Ech hu mäi Bee gebrach! Gitt Hëllef sichen!»

D'Maria ass bei em bliwwen, an d'Myriam ass sou séier wéi seng Been et gedroen hunn op d'Gemeng gelaf, fir dem Marco säi Papp sichen ze goen.

Zu véier sinn se aus dem Büro gelaf komm.

De Papp huet sech zu Dout geiergert, mee ee vun de Männer, deem och bei de Pompjeeë war, sot: «Nu keng Opreegung, vläicht ass et net sou schlëmm!»




En ass an de Baseng geklommen an huet ganz virsiichteg dem Marco säi Fouss ënnersicht.

«Ech mengen en ass nëmme verstaucht!», sot en.

Si hunn en erausgezunn, an dunn an d'Gemeng gedroen. En hätt sech jo kënnen erkalen, well e war zoppnaass, a waarm war et och net deem Dag.

Wéi se an der Gemeng ukoumen, huet de Marco probéiert op de Been ze stoen. Et ass gaangen, an net nëmmen dat, en ass op





engem, an dunn op deenen zwee Been dorëmmer gehopst.

«Alt erëm eng Kéier denger Tricken eng!», huet de Papp sech geiergert. «Waart wa mer heemkommen, da wäerts de eppes erliewen!»

De Marco huet näischt erlieft. Säi Papp hat scho vergiess, datt en sech sou geiergert hat, a war frou, datt sengem Jong näischt geschitt war.

An deen aneren Dag hunn d'Kanner an der Schoul an an der Paus nëmme vum Marco sengem gebrachene Bee geschwat, dat jo iwwerhaupt net gebrach war.

Impressum

Text : Henri Losch

Illustratiounen : Sabrina Kaufmann

Konzept a Grafik : Céline Lanners

Drock : Imprimerie REKA

Oplag : 1200 Exemplaren

Dëst Buch ass entstanden am Kader vum Projet HistoSchool
vun der LEADER Regioun Lëtzebuerg West.



Download ënner : www.letzebuergwest.lu

Mat der Ennerstëtzung vun:



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural



Europäesche Landwirtschaftsfonds fir d'Entwécklung vum ländleche Raum:
Hei investéiert Europa an déi ländlech Gebitter.



© LEADER Lëtzebuerg West, Tënten, 2019.

All Rechter, insbesonnesch déi vun der Vervillfältigung, vum Nodrock an der Iwwersetzung
si virbehalen.



ISBN 978-99959-917-3-9



9 789995 991739

LEADER Lëtzebuerg West
1, rue de l'Eglise
L-7481 Tuntange
T : 26 61 06 80
E : lw@leader.lu

